THE LAST ONE
AALTheMA 107
mars 2024
BULLETIN D'INFORMATION DU COMITÉ DE L'ASSOCIATION DES ANCIEN(NE)S ET AMI(E)S DU LTMA a.s.b.l.

# L'AALTMA asbl n'est plus !




© Anouk Antony du LW

**Réaction du Ministre Claude Meisch en apprenant la nouvelle de la dissolution de l'Association des Ancien(ne)s et Ami(e)s du LTMA asbl**

**Chers/Chères membres,**

**Le présent bulletin « *AALTheMA* » est**
**le tout dernier numéro régulier envoyé à nos membres**

***La raison cette fois-ci n'est pas qu'il faille renouveler sa cotisation.***

***Mais suite à la dissolution de notre asbl***
***au cours de l'AG du 1er mars 2024,***
***la parution d'un bulletin d'info est devenue superflue.***

***Nous renvoyons aux pages qui suivent, si vous voulez***
***comprendre les raisons qui nous ont poussés à cette décision.***

***Il y aura néanmoins encore 1 bulletin spécial***
***sur nos actions et activités entre 2013 et 2024 (cf. pub à la fin)***



# Romain Becker

Nous sommes infiniment tristes de vous annoncer le décès de Romain Becker,
ancien élève de notre lycée, ami, collègue et membre de la première heure de l'AALTMA asbl.
Il s'est éteint le 16 février 2024 à l'âge de 58 ans seulement.
Nous présentons nos plus sincères condoléances à la famille en deuil,
ainsi qu'à tous ceux qui l'ont connu.

*« Was ein Mensch an Gutem in die Welt hinaus gibt,*
*geht nicht verloren. »*
*Albert Schweitzer*



Traureg awer mat vill Léift, Dankbarkeet a schéinen Erënnerunge soe mir engem léiwe Mënsch Äddi, dem

**Romain Becker**

28.03.1965 – 16.02.2024

Hien ass gestuerwen de 16.02.2024 un de Suite vun enger uerger Krankheet, duerch déi hie mat vill Courage, Zouversiicht an Hoffnung gaang ass.

D'Begriefnis ass an aller Stëll.
Eng Mass fir de Romain gëtt gehal an der Porkierch zu Péiteng den Dënschdeg, 27. Februar 2024 um 17 Auer.

Et traueren ëm de Romain :
Patrice Bamberg
Lara Federspiel a Ken Remacle
Josette a Jean † Becker-Hengels
Fabienne Becker a Marco Zwick
Julie Zwick
Pierre an Alice Bamberg
souwéi d'ganz Famill, all d'Frënn a Bekannten.

E groussen an opriichtege Merci un all Mënsch, dee fir de Romain a fir eis do war an eis zur Säit stoung.

**Péiteng,** Suessem, Hoen, Éilereng de 24.02.2024.

Déi Leit, déi besonnesch un de Romain wëllen denken, kënnen dat maache mat engem Don u Médecins du Monde op de Kont CCPL LU40 1111 7023 9417 0000 oder un natur&ëmwelt CCPL LU07 1111 0089 0982 0000 mam Vermierk Don Romain Becker.

---

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

De Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, an dat ganzt Personal vum Ministère traueren ëm hire laangjäregen an engagéierte Mataarbechter, den

**Här Romain Becker**

Mat him verléiert de Ministère ee Kolleeg, deen am ganzen Haus geschätzt a beléift war. De Romain huet sech duerch seng Mënschlechkeet, seng Frëndlechkeet a säi perséinlechen Asaz ausgezeechent a säi Verloscht rappt en déift Lach an eis Mëtt. Mir wäerten de Romain a beschter Erënnerung behalen an drécken der ganzer Famill eist häerzlechst Bäileed aus.

---

AALtma
Ancien(ne)s et Ami(e)s
du Lycée Technique Mathias Adam

L'Association des Ancien(ne)s et Ami(e)s du LTMA asbl est infiniment attristée par le départ cruel de son membre et ami

**Romain BECKER**

Nous adressons nos plus sincères condoléances à Patrice, Lara, Fabienne, Josette et à toute la famille en deuil.

Romain, nous garderons de toi le souvenir d'un ami doux, discret, jovial, engagé et empathique, toujours à l'écoute de l'autre et prêt à l'aider.

Romain, tu laisseras à jamais un vide énorme dans la foule de tes collègues et ami(e)s, ici au pays, comme à travers le monde que tu as tant aimé parcourir.

---

LA COMMUNAUTE SCOLAIRE DU LYCEE MATHIAS ADAM

a le triste devoir de faire part du décès de

**Monsieur Romain Becker**

ancien élève

Son engagement dévoué pour la jeunesse et pour notre lycée était apprécié de tous.

Nous tenons à exprimer nos très sincères condoléances à la famille éplorée.

(Annonces dans le Luxemburger Wort du 24.2.2024)




Journée internationale de la Femme (8.3.1986)


Stage du Groupe d'Actions à Wiltz (Décembre 1987)



Ouschtermarsch (29.3.1986)


Schülerallye (12.5.1985)


Saturnales 1983


Schoulfest (12.7.1985)



Schoulfest (13.7.1984 )




50 Joer LTMA Feier (8.7.2017)



Assemblée Générale (3.2.2023)



Visite du Musée des Mines (3.6.2023)

# Äddi Romain !

**Romain**,

Je te connais depuis que j'ai commencé à enseigner au LTMA en 1981.
Tu as été un des premiers élèves que j'ai connus au Comité des Élèves,
puis au Groupe d'Actions composé d'élèves et d'enseignant(e)s
et au « Potache », journal des élèves du lycée.
Tu es devenu un ami de la famille et on a passé beaucoup de beaux moments entre amis
lors de nos rencontres hebdomadaires chez moi.
Plus tard dans la vie, on s'est retrouvés au sein du Comité de l'AALTMA asbl
dont tu as fait partie jusqu'à ton dernier souffle.

**Romain**,

Je garderai de toi le souvenir d'un ami fidèle,
d'un homme doux, discret, modeste et toujours disponible,
d'une personne joviale, conviviale et pleine d'humour,
d'un fin amateur de blues et de folk,
d'un admirateur respectueux des peuples indigènes, d'un citoyen du monde,
d'un voyageur passionné et d'un photographe talentueux,
d'un politicien empathique, engagé, tolérant et toujours poli.

Tu laisseras un grand vide difficile à combler au sein de ta famille,
comme auprès de tes nombreux amis que tu t'es faits ici au pays
et à travers le monde que tu aimais tellement parcourir.

**Jeannot**



Fête scolaire du 12.7.1985



Septembre 2019



# Déi wierklech lescht A-Blécker (33)

## Den Alldag duerch d’Ae vum Romain Becker





Magic WAX



Äppel a Biren



d'Pierle vum Da, dat sinn deng Diamanten



Men At Work ...



Sonnenënnergang zu .... jo zu ... Péiteng

**Äddi Romain !!!!**

# Äddi AALTMA asbl



Wat soen, wann et heescht Äddi soen? Wéi eng Wierder fannen an enger Situatioun, déi vun Trauer an Nostalgie ëmginn ass? Net d'Trauer, well mer eis Associatioun opléisen. Déi hat e Sënn an huet hiren Zweck erfëllt. Och wann et heescht sech vun dësem Veräin ze verabschiden, ännert dat näischt un den Erënnerungen, déi mam Péitenger LTMA verbonne sinn. Ech wëll och elo guer net op d'Wierken an d'Wierkung vun dëser aussergewéinlecher Schoul agoen, dat hunn ech an der Vergaangenheet schonn oft gemaach an d'Danielle Kolbach mécht dat an dëser Editioun (cf. Säite 26-30) op esou eng beandrockend a pertinent Manéier, esou ass senge Wierder näischt méi derbäi ze setzen.

Zwee Kolleegen hunn eis a kuerzer Zäit hannereneen verlooss. Zwee Kolleegen, déi meng Péitenger Zäit gepräägt hunn. De Carlo Scherenz, mat deem ech vill witzeg a verréckt Momenter deemools erlieft hunn, deen awer nieft senge Clownerien och seng sensibel a verletzlech Säit weise konnt. Deen e gudde Frënn war an a decisive Momenter ëmmer zu engem gehalen huet.

An dann de Baker. Et si vill, berechtegt, Lueweswierder fir hien an iwwert hie geschriwwe ginn. De Romain, obwuel hie fir mech ëmmer de Baker bliwwen ass a bleift, huet mech praktesch mäi Liewe laang begleet. Ech hu mat kengem anere Schoulkolleg esou vill diskutéiert, gestridden, gelaacht, gekämpft, wéi mat him. Hien war e Pilier, op deen een sech ëmmer stäipe konnt. Pragmatesch, roueg, gewëssenhaft an zouverlässeg. Ech mengen et gëtt kee Mënsch, deen de Baker net gären hat. Och no der Schoulzäit hunn sech eis Weeër ëmmer op en neits gekräizt. Net zoufälleg a kuerz, mee ëmmer an dëser frëndschaftlecher Verbonnenheet.

Déi lescht Joren hate mir manner Kontakt, d'Liewe fuerdert seng Tributer a seele bleift ee stoe fir sech Mënschen zouzewennen, déi een net am alldeeglechen Train-train begleeden. Et war awer och eng Feigheet vu menger Säit, ech hunn et net gepackt nozekucken, wéi dëse wonnerbare Mënsch vun enger Krankheet zerstéiert gëtt. Ech wollt mäi Baker fir mech esou behalen, wéi ech e Joerzéngte laang kannt hunn.

Elo ass hien net méi do. Esou sinn och vill aner SchoulkolleegInnen an Enseignanten gaangen... esou gëtt et och den alen LTMA net méi.

An awer. Si all waren en Deel vun dëser wonnerbarer Schoul mat hiren exzeptionelle Wäerter, si all hu mech, hunn eis gepräägt, hunn hier Mënschlechkeet, hier Empathie, hier Energie a Liewensloscht weiderginn an all des Eegenschaften hunn dozou bäigedroen, datt een zu deem Mënsch ginn ass, deen een ass, an esou liewen si all an engem weider. Net just als Souvenir, net just an der Nostalgie, mee am Present.

Dofir bleift mer just Merci ze soen, datt ech hunn däerfen en Deel vun dësem heterogenem Ganze sinn, datt des Schoul mat all senge Mënschen eng signifikant Episod am Dréibuch vu mengem Liewe gespillt huet an nach ëmmer spillt!

Cheers LTMA an all deng ProtagonistInnen!

**Valerija Berdi**



# Rapport de la réunion du 22 février 2024

***Présents** : André, Carole, Fränky, Jano, Pierrette*
***Excusés** : Peggy, Sandra, Romain K.*

## 1. *Organisation de notre AG du 1er mars 2024*

- Au moment de la réunion, il y a *une trentaine de membres qui ont annoncé leur présence physique* à l'AG du 1er mars … et *une bonne soixantaine de membres qui seront représentés par procuration*. Et il y a encore d'autres membres qui nous ont promis de nous envoyer une procuration. Cela représente la plus large participation de membres à une Assemblée Générale et souligne leur intérêt et leur solidarité face à l'enjeu de cette réunion.
- Nous avons ensuite encore une fois *peaufiné les derniers détails pour un déroulement sans accroc de notre dernière AG* du 1er mars 2024. A ce moment, il semble sûr qu'il n'y aura pas de nouveau comité, comme *à la date limite du 23.2.2023, personne n'a posé sa candidature pour assurer une continuation de l'AALTMA asbl.*
- Pour la *Cinquième Résolution de l'AG Extraordinaire, à savoir le rapport des liquidateurs*, André préparera un décompte aussi détaillé que possible sur la situation financière de l'AALTMA asbl au moment de sa dissolution, afin de pouvoir le soumettre à l'approbation des membres présents et représentés. Et il essaiera également de le faire vérifier par un expert comptable.
- Comme nous pouvons maintenant être sûrs que la dissolution de l'AATMA asbl sera réalité le 1er mars, nous avons décidé de *contacter les deux associations qui bénéficieront de nos fonds* : *La Maison des Jeunes asbl* et *La Main Tendue asbl*, toutes les deux sises à Pétange pour leur annoncer la bonne nouvelle et avoir des détails (p.ex. un numéro de compte en banque) pour le transfert de l'argent.
- André continuera à *rendre l'accès possible aux photos sur notre site internet à toute personne curieuse,* et essaiera de trouver, avec Fränky, la solution la moins coûteuse pour maintenir à flot notre site internet au moins pendant une année encore, afin de permettre à toute personne intéressée de télécharger les bulletins *AALThema* et les photos classées par ordre chronologique sur ce site.
- *André, Carole et Peggy* s'occuperont de la *collation après l'AG*. On a retenu le *Schnékert* et le *Service Catering de l'APEMH*. André se chargera en outre de la partie liquide de la collation.
- *Sandra* informera, dans les meilleurs délais, *la loge du concierge du nombre des présences (30 au maximum à ce moment) et de nos besoins en matériel* (chaises, tables pour les orateurs et la collation, verres, terrines, réfrigérateurs, …).
- Pour *finaliser les dernières actions de dissolution et de liquidation après le déroulement de l'AG*, nous prévoyons de créer un petit groupe qui s'occupera desdites démarches (e.a. rayure de l 'AALTMA asbl du Registre de commerce, versement des deux dons, fermeture du compte en banque, …)

## 2. *Enterrement de Romain Becker*

Comme dans le cas de Carlo Scherentz, également membre fondateur et membre de notre comité, nous avons décidé de publier dans la presse un *message de condoléances de l'AALTMA pour la famille de Romain Becker*.
Comme Romain n'a jamais été ami de fleurs coupées, nous avons décidé de ne pas offrir de couronne florale, mais de faire un *don substantiel à l'association Médecins du Monde*, choisie par la famille de Romain.

**Cette réunion a été la dernière de l'actuel comité de l'AALTMA asbl !**

**Le rapport ci-dessus est donc aussi le dernier à paraître dans un bulletin *Aalthema* régulier.**
**Si des nouvelles importantes suivent encore au cours de la liquidation de notre asbl et de ses fonds, vous en serez informés par voie électronique.**



**En mémoire de Carlo Schrentz,**
**décédé le 22 octobre 2023**



**En mémoire de Romain Becker,**
**décédé le 16 février 2024**

# Interna (2)

## Ordres du Jour des AG du 1er mars 2024

### Assemblée Générale Ordinaire à 19h30

1. *Allocution du président*
2. *Rapport de la secrétaire sur les activités de l'année 2023*
3. *Rapport du trésorier et approbation des comptes*
4. *Rapport des vérificateurs de caisse*
5. *Décharge / Démission des membres du comité*
6. *Résultats de l'Appel à candidatures*
   - → *si candidatures suffisantes, acclamation et continuation avec un nouveau comité*
   - → *si candidatures insuffisantes, délibération relative à la dissolution de l'association.*

### Assemblée Générale Extraordinaire subséquente du 1er mars 2024

1. *Délibération et vote de la proposition de dissolution de l'Association*
2. *Détermination de l'affectation de l'actif net*
3. *Confirmation des liquidateurs*
4. *Détermination des pouvoirs des liquidateurs*
5. *Rapport des liquidateurs et affectation des boni de liquidation*
6. *Clôture de liquidation*
7. *Fixation de l'endroit où les livres et documents de l'Association seront gardés durant les 5 années qui suivront la clôture de la liquidation*
8. *Collation.*

# Membres présents, représentés et excusés des AG du 1er mars 2024

| Membres présents | |
|---|---|
| 1. | BALDELLI Marie-Marthe |
| 2. | BALDELLI Romain |
| 3. | BEAUCHAUD Laurent |
| 4. | BIVER Yves |
| 5. | CALIGO Carole |
| 6. | CARVALHO Susi |
| 7. | DE JESUS Carlos |
| 8. | DIVIS Martina |
| 9. | DROUET André |
| 10. | EHLERINGER Patrick |
| 11. | GOMES Pedro |
| 12. | HILD Charel |
| 13. | HILD-SCHMITZ Marianne |
| 14. | HILGERT Pascale |
| 15. | KOZIOL Pierrette |
| 16. | KRINGS Romain |
| 17. | MARTINHO Sandra |
| 18. | MICHELS Reiner |
| 19. | ROSSO Nathalie |
| 20. | SCHEER Jeannot |
| 21. | WEINZAEPFEL Alain |
| 22. | WOHL Fränky |

| Membes représentés par procuation | |
|---|---|
| 1. | ARPETTI Julien |
| 2. | ATTEN Manon |
| 3. | BABIC Eldina |
| 4. | BAMBERG Carlo |
| 5. | BAMBERG Patrice |
| 6. | BATTISTELLA Marco |
| 7. | BAUSCH Jean-Paul |
| 8. | BECKER Fabienne |
| 9. | BERDI Valerija |
| 10. | BERNARD Aly |
| 11. | BOMMERTZ Claude |
| 12. | BOUR Annette |
| 13. | BROCHMANN Isabelle |
| 14. | DAHM Raymond |
| 15. | DELLA MODESTA Marsellina |
| 16. | DROUET Nico |
| 17. | EICHENSEHER Jean-Claude |
| 18. | EICHER Carol |
| 19. | FELLER Karine |
| 20. | FELTEN Sandra |
| 21. | GAASCH Danny |
| 22. | GASPAR Jean-Luc |
| 23. | GODEFROID Henri |
| 24. | GRANDJEAN Céline |
| 25. | HAUPERT Sylvie |
| 26. | HÉRIN Véra |
| 27. | HOLLERICH Hubert |
| 28. | HOMA Jeanne |
| 29. | HUBERTY Stéphanie |
| 30. | IACONO Alex |
| 31. | IACOVAZZI Christiane |
| 32. | KEMELHAREN Rachel |
| 33. | KIEFFER Carole |
| 34. | KIERSCH Gaby |
| 35. | KOCH Pascal |
| 36. | KOLBACH Danielle |
| 37. | KRAUS Léon |
| 38. | LAMBORELLE Christiane |
| 39. | LECUIT Carlo |
| 40. | LOUIS Michèle |
| 41. | MARX Alain |
| 42. | MEDER Charles |
| 43. | MEDER Françoise |
| 44. | MEGYIMORI Tom |
| 45. | MELAN Mandy |
| 46. | MERTZIG Romain |
| 47. | MORAIS Sandy |
| 48. | MORALES Francisco |
| 49. | MORIS Claudine |
| 50. | MOUTSCHEN Nick |
| 51. | MULLER Edgar |
| 52. | NICKELS Peggy |
| 53. | NOEL-EHLERINGER Suzette |
| 54. | PIERSON Rolf |
| 55. | POTIER Christophe |
| 56. | STOFFEL Marco |
| 57. | REISCH Mireille |
| 58. | RISCH Simone |
| 59. | SCHEER Sara |
| 60. | SCHMITZ Max |
| 61. | SCHWEITZER Denise |
| 62. | SIEBENALLER André |
| 63. | SPELLER Lex |
| 64. | THEISEN Laurence |
| 65. | WARINGO Monique |
| 66. | WEIGEL Monique |
| 67. | WEIS Laurent |
| 68. | WEISGERBER Marc |
| 69. | WENNER Roland |
| 70. | ZWICK Christiane |
| 71. | ZWICK Marco |

| Membes excusés | |
|---|---|
| 1. | AGOSTINO Maria |
| 2. | BETTINGER Pol |
| 3. | LANG Laurent |
| 4. | MARIN Pascal |
| 5. | MARTINS DIAS André |
| 6. | MEISCH Claude |
| 7. | SCHWEYER Pascale |
| 8. | BECKER Romain (†) |
| 9. | SCHERENTZ Carlo (†) |



© all Fotoen op de Säiten iwwert d'AG vum Pierrette Koziol & Fränky Wohl

# Assemblée Générale du 1.3.2024 - Discours du président

*Här Nico Barnabo, Conseiller vun der Gemeng Péiteng,*
*Här Patrick Welter, Conseiller vun der Gemeng Péiteng,*
*Léif Memberen vun der AALTMA asbl,*

Ech heeschen iech alleguer häerzlech wëllkomm op der 10. (a wahrscheinlech leschter) Assemblée Générale vun der *Association des Ancien-(ne)s et Amis(e)s du LTMA.*

E grousse Merci nees un d'Direktioun vum LMA, déi ons och dëst Joer nees de Festsall vum Lycée zur Verfügung stellt.

Op onser 1. Assemblée Générale vum 6. Februar 2015 hat de Grupp AALTMA ob Facebook 2.160 Memberen an ons ASBL 133 Cotisanten. Haut huet de Facebook-Grupp 2.483 Memberen an ons asbl der 178. Mir hunn et also fäerdeg bruecht eis Memberenzuel iwwert all déi Joren zimmlech konstant ze halen, wat ee jo als duerchaus positiv bewäerte kann.

Wat onse Kommitee betrëfft, sou ass am leschte Joer ee Member bäikomm. Am Mäerz 2023 ass de Romain Krings kooptéiert ginn. Op dëser Platz, soen ech him an all deenen anere Membere vum Kommitee villmools Merci fir hiren Engagement an hier Zouverlässegkeet.

Wat awer nei ass, ass dass de Kommitee am Laf vum leschte Joer d'Decisioun geholl huet, geschlossen ze demissionéieren, sei Mandat (dat eigentlech bis d'Joer 2025 lafe soll) net fäerdeg ze maachen, an no dëser Assemblée Générale opzehalen.

Dat huet natierlech eng Rei Ursaachen, déi ech gebiede gouf nach eemol ze widderhuelen:

- No 10 Joer hu mer ob mannst eemol esou zimmlech all dat Material veröffentlecht, dat mer bis dato fanne konnten (op onser *Homepage*, onser *Facebook-Säit*, am *Aalthema*, oder via *E-Mailen* un ons Memberen, asw...). Esou goufe bis elo iwwert 13.500 Fotoen an/oder Dokumenter aus alen a méi

rezente L(T)MA-Zäiten op dëse Weeër veröffentlecht. Eis Opriff no weiderem Material bei onse Memberen an am Lycée selwer hu leider keng weider Schätz un d'Liicht bruecht. An elo alles nach eng weider Kéier ze publizéiere bréngt et net.

- Wéi mer niewent dem *AALTMA Facebook-Grupp* dunn ausserdeem am November 2013 eng *AALTMA asbl* gegrënnt hunn, war dat virun allem wéinst der Méiglechkeet, esou Kotisatiounen opzehiewen a mat deene Suen dann all Joer en Don un de Lycée ze finanzéieren. Mee no 5 Joer Donen ass d'Haltung vum Direkter géintiwwer der AALTMA asbl, a besonnesch där hirem President, esou mësstrauesch ginn, dass hien ons finanziell Ënnerstëtzung quasi ofgeleent huet an an engem Mail vum 18.12.2023 esou guer ausdrécklech ënnerstäicht, dass, am Fall vun enger Opléisung vun onser ASBL, d'Schoul, also hien, d'Sue vun onser Associatioun net wëllt entgéint huelen, (Zitat: *"... weder fir Projeten ze ënnerstëtzen nach fir eng Acquisitioun ze finanzéieren"*). Ausserdeem gouf ons Hëllef bei enger Porte Ouverte net méi ugefrot..., de Parking vum Lycée net méi onse Memberen zur Verfügung gestallt, wärend onsem leschten Ausfluch an de Musée des Mines am Juni 2023. An och hate mer dëst Joer d'Impressioun, dass de Festsall ons nëmme widderwëlleg zur Verfügung gestallt gouf. Dofir gesi mer net an, firwat mer mat enger ASBL de Leit nolafe sollen, fir mat hirer Kotisatioun Donen a Fondsen bereetstellen ze kënnen, déi de Schouldirekter am Endeffekt eigentlech net (méi) wëllt.

- A schlussendlech huet déi ganz Atmosphär d'Stëmmung an onsem Kommitee belaascht an esou vill verlueren Zäit beusprocht, dass mer d'Loscht verluer hunn, am Kommitee vun dëser Associatioun ze schaffen, Reklamm fir den alen an de neie Lycée ze maachen, a vun dem Direkter reegelméisseg ënnerstallt ze kréie quasi de Contraire unzestriewen. Fir all dat Positiivt vun onser Aarbecht ze garantéieren ass dofir eng AALTMA asbl kontraproduktiv. Dat kann och ëmmer nach deen einfache Facebook-grupp maachen !!!

- Och wéilt ech op dëser Platz ënnersträichen, dass zwee Schicksalsschléi ons schwéier getraff hunn an nach weider belaaschten. Um Schluss vun onsem 10järegen Jubiläumstreffe mat dem Schouldisco-Revival vum 21. Oktober 2023 ass de Carlo Scherentz ganz onerwaart gestuerwen. Hien wor e Grënnungsmember vun der asbl, laangjärege Member vum Kommitee an e gudde Kolleeg a Frënn vun allen aktuelle Komiteesmemberen. Säin Doud huet och staark ons Moral belaascht.
  An dann huet de 16. Februar 2024 eise Kommiteesmember a Membre fondateur vun der AALTMA asbl, de Romain Becker, säi Kampf géint e Gehiertumor verluer. Och déi grausam Krankheet a schlussendlech den Doud vum Romain hunn ons Versammlunge staark bedréckt, a mir kënnen a wëllen ons elo e Schaffen ouni de Romain eigentlech net méi virstelle.

Aus all deene Grënn hunn déi 7 Memberen, aus deenen de Kommitee vun der AALTMA asbl am Moment nach besteet, hier Demissioun erageeecht, déi no dëser AG wierksam gi soll:

1. *SCHEER Jeannot - President*
2. *MARTINHO Sandra - Sekretärin*
3. *DROUET André - Tresorier*
4. CALIGO Carole - Member
5. KRINGS Romain - Member
6. KOZIOL Pierrette - Member
7. NICKELS Peggy - Member

Fir der AALTMA asbl nach eng Chance ze ginn, weider ze bestoen als asbl, hate mer en Appel à candidatures gemaach. Wann e Minimum vun 3 Kandidaten sech melle géifen, da kéint ënnert hirer Leedung d'AALTMA asbl weiderhi bestoen. Falls net, dann hate mir virgesinn, ons ASBL opzeléisen an ons Suen ze liquidéieren. Leider hunn sech keng nei Kandidate gemellt, fir d'AALTMA asbl weiderzeféieren.

Vir ons ASBL opzeléisen, missten an dëser AG Ordinaire awer vun onse ronn 180 Memberen 2/3 an der Versammlung präsent oder (duerch Procuratioun) representéiert sinn. Dat ass manifestement net de Fall, trotz der héijer Zuel vun 22 Präsenzen a 71 Procuratiounen.

Aus deem Gronn léise mer elo dës AG Ordinaire op a fueren direkt duerno weider mat enger AG Extraordinaire, wou et da méiglech ass, dass déi Leit, déi da präsent oder representéiert sinn mat

enger Majoritéit vu ¾ vun de Stëmmen all Decisioune kënne huelen.

**Kuerzen Ausbléck**

Éier mer iech am Sall elo d'Méiglechkeet gi Stellung ze huele, wollt ech nach e puer Wuert zu der Zukunft soen.

1. Do wier dann eigentlech net allze vill ze soen, wann d'ASBL am Uschluss opgeléist soll ginn. Dës Opléisung heescht dann och, dass ons Homepage agestallt muss ginn, keen Bulletin "Aalthema" méi erauskënnt, keng Visitte méi organiséiert ginn a natierlech dann och keen Don all Joer vun 2.000€ der Schoul zur Verfügung gestallt ka ginn, well jo keng Kotisatioune méi opgehuewe ginn, déi déi Depensen erméiglecht hunn. Dat mat dem Don ass jo an der Lescht souwisou schwiereg ginn, well den Direkter jo just nach zähneknirschend eng Ënnerstëtzung duerch eisen Don guttgeheescht huet (wéi bei enger 1. Tranche vun 1.000€ fir de Schoul-Projet *READY*) oder den Don esou guer radikal refuséiert huet (wéi beim potentiellen Kaf vun engem Schneidplotter).
   Wéi mer doropshin dem Projet Ready eng 2. Tranche vun 1.000€ vun onsem Don ubidde wollten, krute mer gesot, dass den Direkter déi dann och refuséiert huet. Et freet een sech, firwat e Schouldirekter esou systematesch seng eege Leit bestrooft, just well hie mat enger Persoun vun der AALTMA asbl, d.h. mat mir, existenziell Probleemer huet. Et ass traureg ze gesinn, wéi déi kannereg Trotzreaktioune bei de Leit an an ausserhalb vum Lycée schlecht ukommen ...

2. Dat eenzegt, wat vläit als positiv ze vermierke wier, ass dass ech perséinlech den AALTMA-Facebookgrupp weiderbedreiwe wäert. Deen kann och - wéi bis elo - déi wichtegst Aktivitéite weiderféieren, wéi z. Bsp. Fotoen an Dokumenter aus alen LTMA-Zäite pousten (falls dann awer nach neit Material optauche sollt oder al Publikatiounen nach eemol gefrot ginn), Reklamm maache fir alles wat am aktuelle Lycée leeft, Doudesannoncë brénge vu fréiere Proffen a Schüler vum Lycée, Publikatiounen oder soss Interessantes vun oder iwwert fréier Schüler oder Proffen ukënnegen, asw. Och wéilt ech weiderhin e Mailinggrupp oprechterhalen fir Leit, déi de Facebook net hunn (oder net wëllen), fir hinnen dann all déi Informatioune per Mail zoukommen ze loossen, wann si dann dorun interesséiert sinn.

3. Et kënnt no der AG vun haut nach eng normal Nummer vum Bulletin *Aalthema* eraus, mat den Dokumenter a de Fotoen vun dëser leschter AG, an dann nach e Bulletin spécial mat enger Retrospektiv iwwert ons Aktiounen an Aktivitéiten aus de ronn 10 Joer, wou et ons asbl gouf.

---

Mir bleift fir dësen 1. Deel ofzeschléisse just nach en Zitat aus engem Mail vun engem bekannte Geschichtsproff aus onsem Lycée:

***"Schued, dass dee Geescht aus de 70er bis 90er Joren aus dem ale Péitenger Gebai net fir ëmmer de Wee mat op Lamadelaine fonnt hat an do konnt bleiwen."***

*Jeannot SCHEER,*
*President*



# Assemblée Générale du 1.3.2024 - Rapport des activités

**2023 -2024** hu mir follgend Aktivitéite gehat :

1. Mir haten am Joer 2023 bis Ufank 2024 **12 Comitésversammlungen**.

2. **Säit Januar 2023** mussen d'Enseignanten an de SEPAS aus dem LMA sech direkt un d'AALTMA wende fir eng finanziell Hëllef ze kréien, awer ëmmer eréischt nodeems si den Accord vum Direkter kritt hunn. Dës Prozedur ass entstanen nodeems den Direkter eis am Dezember 2022 eisen Don vun 2000€ zréck iwwerwisen huet fir dass mir déi Zomm selwer verwalten.

3. Den **3. Februar 2023** war eis **Assemblée Générale Annuelle**.

4. Mir hunn dunn am **Februar 2023** dem SEPAS 150€ gespent, fir enger finanziell benodeelegt Famill ze hëllefen eng Rechnung ze bezuele fir dem Kand säin iPad ze flécken.

5. Am **Mäerz** ass de **Romain Krings** als neie Member kooptéiert ginn.

6. Den **3. Juni** hu mir eng **Visitt an de Musée de l'Ardoise zu Haut-Martelange** organiséiert.

7. Mat engem **Don vun 1.100€** konnt d'Klass 4C1 ee **pädagogeschen Ausfluch zu Berlin** finanzéieren, dee vum **5.-8. Juni** statt fonnt huet.

8. Den **30. Juni** war dann och eng Fête de retrouvailles mat de Schüler aus de Klassen **10TAC an 10XC** aus den 90er Joren.

9. De **15. Juli** haten d'Membere vum Kommitee en **Ofschlossiessen** am Chalet Langwiss zu Péiteng (natierlech hu mir alles selwer bezuelt ...).

10. Am **September** hu mir dann der Schoulgemeinschaft vum LMA nees en **Don vun 2000€** zu Verfügung gestallt deen da vun eis verwalt ginn ass.

11. Den **30. September** war nees eng Fête de retrouvailles, dës Kéier mat de Schüler vun de **7e-5e classique** Klassen aus de Joergäng 1984-1987.

12. Den **21. Oktober** hu mir e grousst Fest am Home St. Hubert zu Péiteng organiséiert fir eisen **10. Anniversaire** ze feiere mat engem Vin d'Honneur dee vun der Gemeng Péiteng offréiert gouf. Duerno war dee leschte Schouldisco Revival fir all Ancienen a Frënn vum LTMA/LMA.

13. Den **11. November** hunn sech d'Schüler aus de **T3CM-Klasse** vun 2007-2008 mat hire Proffen zesumme fonnt.

14. Am **Januar 2024** hu mir een éischten **Don vun 1000€** un d'Responsabele vum **Projet d'établissement "Ready"** iwwerwise fir dass si eng kleng Bibliothéik fir d'Klassen aus dem Cycle inférieur kënne gestallten.

15. Och am **Januar 2024** si mir vun engem Enseignant aus dem Lycée gefrot ginn ob mir en **Schneidplotter** fir seng Klasse finanzéiere kéinten, mee den Direkter huet dës Demande awer refuséiert, sou wéi kuerz duerno och **eng 2. Tranche vun 1.000€** fir de Projet "Ready".

16. An haut, dem **1. Mäerz.2024** ass dann ons **lescht Assemblée Générale**.

17. Wat de **Bulletin AALTheMA** ugeet, sou hu mir **13 Nummeren + 1 Spezialnummer** erausbruecht wou mir all eis Coveren aus deene leschten 10 Joren publizéiert hun. Eng **2. Spezialnummer** mat der Retrospektiv vun all eisen Aktivitéiten an Aktiounen tëscht 2013 an 2024 wäert dann deen nächste Mount erauskommen, souwéi de leschte Bulletin AALtheMA (Nummer 107) mat all de Rapporte vun dëser AG.

18. An als leschte Punkt wollte mir nach eng Kéier u fréier Schüler an Enseignanten aus dem LTMA gedenken, déi eis 2023 verlooss hunn :

- Katja KLEIN - fréier Schülerin (11.1.23)
- Marc MOES - fréiere Proff (3.8.23)
- Luc STEFFENMÛNSBERG – fréiere Schüler (9.8.23)
- Sonja BIEWER - fréier Schülerin (29.9.23)
- Vincenzo MACRI - fréiere Schüler (7.10.23)
- Carlo SCHERENTZ - fréiere Schüler a Grënnungsmember vun der AALTMA asbl (22.10.23)
- André RAACH - fréiere Member vum Service Technique vum Lycée (10.11.23)
- Yvonne WINTERSDORF-NOESEN - fréier Schülerin (30.11.23)
- an de 16.2.24 ass eise Kommitees- a Grënnungsmember a fréiere Schüler, de Romain BECKER verscheet.

Mir wéilten elo hei fir de Romain, de Carlo an all fréier Schüler an Enseignante eng Gedenkminutt anhalen.

Merci.

*Sandra MARTINHO*
Sekretärin





# Assemblée Générale du 1.3.2023 - Rapport du trésorier

**Compte du résultat au 31.12.2023**

| | *Charges* | | | *Recettes* | |
|---|---|---|---|---|---|
| 61333 | Frais sur cpte courant | 42,00 | 70841100 | Cotisations Membres | 3.260,00 |
| 61334 | Frais sur Digicash | 26,36 | 78842000 | Dons et Sponsoring | 255,00 |
| 61348 | Taxe et frais d'enregistrement | 17,40 | 744200 | Subvention Communale | 100,00 |
| 601515 | Don au profit du LTMA | 1.250,00 | | | |
| 61516 | Dons courants | 870,09 | | | |
| 606400 | Depenses Organsiation et Manifestations | 1.301,89 | | | |
| 61515000 | Assurance responsabilité civile | 199,19 | | | |
| 6151500 | Internet - Site WEB | 1.942,67 | | | |
| | | | | Perte de l'Exercice 2023 | 2.034,60 |
| | | *5.649,60* | | | *5.649,60* |

| | |
|---|---|
| *Solde du compte courant 01.01.23* | *10.989,98* |
| *Solde du compte courant 31.12.23* | *8.955,38* |

| | |
|---|---|
| *Solde de la caisse 01.01.23* | *21,05* |
| *Solde de la caisse 31.12.23* | *21,05* |

| | |
|---|---|
| **TOTAL AVOIR Banque +Caisse** | **8.976,43** |

*André Drouet*,
Trésorier





# Rapport des réviseurs de caisse

**Rapport à l'assemblée générale de l'AALTMA a.s.b.l. sur le contrôle des comptes de l'exercice 2023**

Mesdames, Messieurs,

Pour donner suite au mandat qui nous a été confié par le Comité de l'AALTMA a.s.b.l., nous avons procédé, sur la base des documents présentés, à la vérification des comptes de l'association pour l'exercice allant du 1er janvier au 31 décembre 2023.

Le total des recettes se monte à 4.103,00 € et le total des dépenses à 6.137,60 €. Le compte de résultat présente donc une perte de 2.034,60 €, avec un solde final de 8.955,38 € sur le compte BCEE IBAN LU38 0019 4255 2834 8000 et 21,05 € en caisse.

Nous avons constaté que le compte de résultat concorde avec la comptabilité. Les contrôles effectués par pointages nous ont permis de constater l'exactitude de la comptabilité et l'existence de pièces justificatives probantes pour chaque opération vérifiée.

En conséquence, nous recommandons à l'assemblée générale d'approuver les comptes présentés, d'en donner décharge aux organes responsables et de remercier le trésorier pour son travail.

Les vérificateurs des comptes

Hagen, le 6 février 2024
Leudelange, le 24 février 2024

Les vérificateurs des comptes

Roland WENNER Brigitte DISTAVE




***Après toutes ces années, et malheureusement pour la toute dernière fois, nous tenons à remercier chaleureusement nos deux réviseurs de caisse pour leur fidèle travail bénévole.***



# Rapport de l'Assemblée Générale Extraordinaire du 1.3.2024 …

## … relative à la dissolution de l'AALTMA asbl et liquidation de ses fonds

**Lieu :** Lycée Mathias Adam
101, Avenue de l'Europe
L-4802 Lamadelaine

**Date :** Vendredi, le 1er mars 2024

**Début :** 20.00 heures

**Président** : Jeannot SCHEER
**Secrétaire** : Sandra MARTINHO

### Ordre du Jour

Le président de séance constate que le quorum de membres requis est atteint et que l'Assemblée peut valablement délibérer sur les points figurant à l'ordre du jour qui est le suivant :

1. ***Délibération et vote de la proposition de dissolution de l'Association ;***
2. ***Détermination de l'affectation de l'actif net ;***
3. ***Confirmation des liquidateurs ;***
4. ***Détermination des pouvoirs des liquidateurs ;***
5. ***Rapport des liquidateurs et affectation des boni de liquidation ;***
6. ***Clôture de liquidation ;***
7. ***Fixation de l'endroit où les livres et documents de l'Association seront gardés durant les 5 années qui suivront la clôture de la liquidation ;***
8. ***Collation.***

Le président présente /répète les motifs de la proposition de dissolution et donne ensuite la parole à tout membre de l'Association désirant s'exprimer.

Cet exposé étant unanimement approuvé, l'Assemblée, après en avoir délibéré, aborde son ordre du jour et prend les résolutions suivantes :

**Première Résolution : <u>Proposition de dissolution de l'Association</u>**

L'Assemblée, après avoir entendu les raisons qui conduisent à proposer la dissolution, décide de dissoudre l'Association et prononce sa mise en liquidation à compter de ce jour.

Le président présente les motifs de la proposition de dissolution et donne ensuite la parole à tout membre de l'Association désirant s'exprimer.

Cet exposé étant unanimement approuvé, l'Assemblée, après en avoir délibéré, aborde son ordre du jour et prend les résolutions suivantes :

Le siège social de la liquidation est fixé au siège social.

Cette résolution est adoptée à l'unanimité des 93 membres présents et représentés.

La majorité qualifiée de trois quarts des voix étant atteinte, la résolution est adoptée.

**Deuxième Résolution : Détermination de l'affectation de l'actif net**

Étant attesté à la lecture du bilan que l'Association ne doit recouvrir aucune créance, ni payer aucune dette, qu'elle ne possède par ailleurs aucun actif immobilisé ou financier, ni aucun stock, l'Assemblée décide de répartir en *parts égales* le boni de liquidation constitué par les avoirs en banque et en caisse aux *bénéficiaires* ci-dessous :

***Maison des Jeunes asbl :***
1, place de la Libération / L-4701 Pétange

***La Main Tendue asbl Angela :***
*Centre Centre d'écoute, de soutien et d'inclusion sociale*
8, rue de l'Eglise / L-4732 Pétange
*Centre psycho-socio-éducatif*
20, rue de l'Église /L-4732 Pétange

Cette résolution est adoptée à l'unanimité des 93 membres présents et représentés.

La majorité qualifiée de trois quarts des voix étant atteinte, la résolution est adoptée.

**Troisième Résolution : Confirmation des liquidateurs**

L'Assemblée décide de mandater Monsieur Jeannot SCHEER (professeur à la retraite - 33, rue Pierre Clement / L-4916 Bascharage) et Monsieur André DROUET (délégué technico-commercial - 37, rue de la Piscine / L-4772 Pétange) en qualité de liquidateurs.

Cette résolution est adoptée à l'unanimité des 93 membres présents et représentés.

La majorité qualifiée de trois quarts des voix étant atteinte, la résolution est adoptée.

**Quatrième Résolution : Détermination des pouvoirs des liquidateurs**

L'Assemblée décide de conférer aux liquidateurs les pouvoirs les plus étendus pour terminer les opérations en cours et d'attribuer le boni de liquidation selon les modalités définies dans la résolution précédente.

L'Assemblée donne également pouvoir aux liquidateurs d'accomplir toutes les formalités déclaratives et de publicité liées à la dissolution et liquidation.

Cette résolution est adoptée à l'unanimité des 93 membres présents et représentés.

La majorité qualifiée de trois quarts des voix étant atteinte, la résolution est adoptée.

**Cinquième Résolution : Approbation du rapport des liquidateurs**

L'Assemblée entend le rapport des liquidateurs et décide d'approuver le rapport du/des liquidateur(s) annexé au présent document.

L'Assemblée constate l'affectation du boni de liquidation à (cf. Deuxième Résolution) et donne pouvoir aux liquidateurs de finaliser la liquidation des fonds de l'asbl.

Cette résolution est adoptée à l'unanimité des 93 membres présents et représentés.

La majorité qualifiée de trois quarts des voix étant atteinte, la résolution est adoptée.

***Rapport des liquidateurs***

1) rédiger tous les rapports des AG (ordinaire et extraordinnaire)
2) inscrire la liquidation au regisre de commerce
3) liquidation du compte bancaire auprès de la BCEE
4) liquidation des avoirs en banque et en caisse aux bénéficiaires ci-dessous

**Maison des Jeunes asbl :**
1, place de la Libération / L-4701 Pétange

**La Main Tendue asbl Angela :**
Centre d'écoute, de soutien et d'inclusion sociale
8, rue de l'Eglise / L-4732 Pétange
Centre psycho-socio-éducatif
20, rue de l'Église /L-4732 Pétange

***Décompte pour liquidation (estimation)***

| | |
|---|---|
| Site AALTMA - Facture Wildabricot | 620,00 |
| Facture pour Domaine AALTMA | 24,00 |
| Facture pour annonce Romain BECKER | 515,00 |
| Liquidation du cpte bancaire | 50,00 |
| Cadeau reviseurs de caisse | 90,00 |
| Frais sur cpte | 10,00 |
| Inspcription Liquidation au RCS | 17,50 |
| Collation + boisons AG | 250,00 |
| *TOTAL* | *1.576,50* |
| Situtation cpte Courant au 26/02/2024 | 8.609,43 |
| ***Solde*** | ***7.032,93*** |

**Sixième Résolution : Clôture de la liquidation**

L'Assemblée prononce la clôture de liquidation et constate que l'Association sans but lucratif, **AALTMA**, a définitivement cessé d'exister.

Cette résolution est adoptée à l'unanimité des 93 membres présents et représentés.

La majorité qualifiée de trois quarts des voix étant atteinte, la résolution est adoptée.

**Septième Résolution : Conservation des livres et documents de l'Association**

L'Assemblée décide que les livres et documents sociaux seront déposés et conservés pour une durée de cinq ans à partir d'aujourd'hui au siège social de l'Aaltma asbl (adresse : **LMA - 101, Avenue de l'Europe / L-4802 Lamadelaine**).

Tous pouvoirs sont donnés au porteur d'un original ou d'une copie certifiée du présent procès-verbal pour effectuer les formalités nécessaires.

L'ordre du jour étant épuisé, aucun autre point n'étant soulevé et plus personne ne demandant la parole, la séance est levée à 20h20, après lecture et approbation du présent procès-verbal qui est signé par les membres du bureau.

Ne varietur, à Lamadelaine, le 1er mars 2024

Signé par le président Jeannot Scheer, la secrétaire Sandra Martinho et le scrutateur Fränky Wohl



# Prise de parole du conseiller communal Patrick Welter



Le conseiller communal Patrick Welter a tenu à prendre la parole et remercier le comité de l'avoir invité.
Comme d'autres personnes dans le public, il a trouvé dommage que l'asbl arrête ses activités après 10 années d'intenses efforts pour garder le lien entre les anciens du LTMA (dont il a fait lui-même partie dans les années 80).
Il nous a assuré qu'il comprenait néanmoins nos motivations et se réjouit que nous continuions de garder en vie notre page AALTMA-Facebook.
Il a également souligné à quel point notre regretté membre Romain Becker manque au conseil communal de Pétange.
Pour conclure, il a affirmé que les deux associations que nous avons choisies comme héritières de nos fonds se réjouiront très certainement de pouvoir bénéficier de notre généreux don et qu'il trouve génial que nous continuions ainsi notre engagement auprès des jeunes de la commune.



# Quelques réactions de nos membres

Qu’une direction arrive à faire démissionner tout un comité par découragement, à étouffer dans l’œuf l’envie de publier chaque mois la revue du LMA, revue dépouillée de toute critique, qui cultive le plaisir de nous donner à (re)voir des photos anciennes, de nous tenir informés des événements et d’organiser des sorties culturelles, revue qui soutient par des dons des activités extrascolaires des élèves, c’est vraiment classe.

À toi, Jeannot, ainsi qu'à tous les membres anciens et démissionnaires du comité, mon profond respect pour votre travail accompli, pour toutes ces longues heures passées à préparer le prochain exemplaire du *AALTheMA*.

**Claude Bommertz**

---

Mär soe besonnesch där an awer och der ganzer Equipe e groussenMERCI fir ären onermiddlechen Asaz iwwer all déi Joeren.

*Schued, dass dee Geescht aus de 70er bis 90er Joren aus dem ale Péitenger Gebai net fir ëmmer de Wee mat op Lamadelaine fonnt hat an do konnt bleiwen.*

**Jeannchen an Aly Bernard-Homa**

---

Merci un all d'Benevollen, déi an de vergaangene Jore fläisseg matgehollef hunn de Veräin um Liewen ze halen.... mat Reportagen, Erënnerungen, Fotoen a vill aner Beiträg !

E groussen MERCI och un Dech fir deng Aarbecht mam Bulletin dee mer vill Freed gemaach huet, an al Erënnerungen erëm opliewe gelooss huet.

**Carlo Lecuit**

---

Merci pour ton engagement inlassable pour nous faire revivre la belle atmosphère de nos années de professeur au LTMA par les photos souvenirs et les autres reportages.

**D. S.**

---

Jo, dat ass eng ganz traureg Geschicht dat do.
Et war dach all Mound esou flott, an der interessanter Brochure ze liesen, an sech nees un esou munches ze erënneren.
An déi interessant Artikelen, déi schéi Fotoen, asw. Dat war eng kulturell Leeschtung op héchstem Niveau!
Jiddefalls huet de Comité eng groussaarteg Aarbecht gemaach, a mir felicitéieren.

**Marianne a Charel Hild-Schmitz**

---

Villmools Merci fir di Super-Aarbecht, déi's Du mam Kommitee gemaach hutt. Och wann ech deng Noriichten a Veréffentlechunge vermësse wäert, verstinn ech Iech all ganz gutt.

**Marco Zwick**

---

E grousse Merci fir deng jorelaang Ënnerstëtzung duerch den AALTMA fir den LMA !
Ech si frou, dass Du bereet bass nach weiderhin eis iwwer den LMA um Lafenden ze halen.
Ech wënschen Där all Guddes fir d'Zukunft.

**Edgar Muller**

---

Ech wollt ob dësem Wee dem AALTMA e grousse Merci soe fir all di Jore wou d'Kommiteesmemberen an du esou flott Bulletine zesumme gestallt hutt.

An och fir di finanziell Hëllefen di dir ëmmer nees de Sportsprojeten ginn hutt.

Bonne continuation an de weidere Projete.

Léif Gréiss.

**Céline Grandjean**

---

Hallo Jeannot,

Hallo Jeannot, du hues iwwert déi Joren eng groussoarteg Oarbecht gemaach mat der Associatioun AALTMA, an ech mengen, ech schwätzen am Numm vu ville, wann ech soen, mär sinn där, an natierlech och der ganzer Ekipp, dankbar.

**Danny Gaasch**

---







© all Fotoen op de Säiten iwwert d'AG vum Pierrette Koziol & Fränky Wohl







# L T Mon Amour
# A weider Iwwerleeungen zu Schoul an Erzéiung an eiser Zäit

***Bei Geleeënheet vun der Opléisung vun der AALTMA asbl huet d'Danielle Kolbach, eng fréier Schülerin vum onsem Lycée an haut erfollegräich Notärin eis follgende Libesbréif iwwert seng Zäit am LTMA geschéckt… mat enger ganzer Rei vu perséinlechen Iwwerleeungen zu der Roll vun der Schoul an der Erzéiung.***




Den LTMA an de 90er Joren

Dir, déi dat Heite liest, waart all iergendwann am LTMA, wéi den LMA zu menger Zäit nach geheescht huet. Dir waart Proff, Psycholog am SPOS (haut de SePAS), hutt an der Verwaltung geschafft, oder waart, wéi ech, Schüler. Dat war vun 1983-1986. 1990 an 1991 hunn ech nach d'Cours d'Appui gehal fir déi Onglécklech déi en Noexamen an der Mathé haten. Déi Erfarung huet mech och derzou bruecht e grousse Bou ronderëm den Enseignement ze maachen (ech war an si nach ëmmer net, fir meng Gedold bekannt)….. an esou koum et, dass de Claude Meisch déi Joren duerno déi Rattrapagen an der Mathé gehal huet.

Deemools war den LTMA an der Batty Weber Strooss, ob hallwem Wee tëscht der Kierch an dem Supermarché, de mat der Wüstenplanz als Numm. D'Gebai huet mech e bëssen un eng Buerg erënnert: 2 Tierm wou ob der enger Säit d'Schoulklassen dra waren an ob der anere Säit d'Sportshal an d'technesch Säll an och Schoulklasse, verbonne mat engem Preau, aus Glas an den en iwwert eng Trap erakomm ass, wou lauter Leit drop stoungen, ze fëmmen, ze schnëssen an déi do stoungen als wieren se ganz wichteg. Si haten all gemeinsam dass se zimmlech al waren aus der Siicht vun engem deen ob 7$^{e}$ komm ass. An et war een eréischt «quelqu'un» am LTMA wann een och huet dierfen an de Pausen ob der Trap stoen. Fir e 7ièmes Spunt net ze erreechen. Am Schoulhaff stoungen e puer Container an deenen och méi héich Klassen hiert Doheem haten.

Mee och wa meng Plaz net ob der berüümter Trap war, wou mir e Fest gefeiert hu, wéi se ofgerappt ginn ass, war den LTMA déi flottste Plaz wou ee konnt an d'Schoul goen. U wat loung dat? Sécher net um Gebai well dat war iergendwéi ëmmer vétuste, an dat laang eeër et ofgerappt ginn ass. Schéi war et net, an ass net an enger Zäit gebaut ginn, déi fir hier besonnesch attraktiv Architektur bekannt war. Asbest huet en deemools higeholl, dat war eben esou, et wollt e jo net dass d'Schoul einfach kéint verbrennen. Et loung awer vläit schonn éischter um Bäcker an um Mëllechmann déi hier Bréidercher a Choky am Schoulhaff verkaaft hunn. Wat ass et Bessers gi, wéi Chipse-Bréidercher am Schoulhaff? Haut ginn et schéi geuerdent Kantinne mat gesonden a vegane Menuen. Mee Mëllechmänner si keng méi do.



Déi ominös Trap vum LTMA (1984)

Enger Schoul hier Finalitéit ass et jo och net dass hier Schüler de Bauch solle voll kréien, mee der Schoul hier Finalitéit soll et sinn, den Honger no Wëssen ze stellen. An do kommen dann d'Proffen an d'Spill. Den LTMA war esou flott, well et eng Schoul mat Häerz a Séil war, Häerz a Séil, déi d'Proffen all Daach mat an d'Schoul bruecht hunn. Déi Meescht hate ganz vill Talent

(a Gedold) hiert Wëssen ze vermëttelen (mat deenen, deenen hiert Talent méi begrenzt war, wëlle mir eis hei och lo net wieder ophalen). Ech war weder virdrunner, nach duerno, an enger Schoul wou et esou gutt verstane gouf, Wëssen a Kompetenzen ob eng interessant a modern Aart a Weis ze vermëttelen. Et huet ee geléiert ouni ze mierken dass ee geléiert huet! Ech schwätze bewosst vu Kompetenzen, well Fachwëssen ass zwar wichteg, mee et geet sécher net duer, fir duerch d'Liewen ze kommen. Ech huelen un dass de Claude Meisch, dee jo och hei an der Schoul war, dat genau esou gesinn huet, a vläit duerch seng Schoulzäit am LTMA drop komm ass, dass en haut all nëmmen erdenklech d'Kompetenze vun de Schüler evaluéiert (och wann déi Evaluatioun méi Aarbecht fir all eenzelnen Enseignant duerstellt, net ëmmer einfach duerchzeféieren ass, an duerfir net iwwerall ganz beléift ass). Mais Kompetenzen si wichteg.

Wat war dann esou besonnesch un de Proffen am LTMA? Am LTMA hat en ëmmer d'Gefill dass d'Proffen endlos vill Zäit fir hier Schüler hätten. Doduerjer, dass si mat esou vill Häerz a Séil an onermiddlechem Asaz bei der Saach waren (a wat sech warscheinlech och erkläert duerch eng progressiv Direktioun vun der Schoul déi hannert hire Proffe stoung, an do denken ech besonnesch un de Cornel Meder, an duerch dat mol alles méiglech ginn ass). D'Proffen zu Péiteng ware bal all, ganz jonk (oder zimmlech jonk), onverbraucht, Idealisten. Si ware selwer Studente wéi d'Pavéen duerch Paräis geflu sinn, an duerch hier Generatioun huet den deelweis steiwe Corset vun der konservativer a moraliséierender Nokrichsgeneratioun Rëss kritt. An mat genau där Astellung sinn si bei hier Schüler komm. An déi Proffen, déi méi eng konservativ Approche haten, hu probéiert esou séier wéi méiglech an eng aner Schoul ze kommen. Et huet ee warscheinlech e bësschen e Revoluzzer missen si fir säin Doheem am LTMA ze fannen.

D'Schoul ass net vun der Kanzel erof gehale ginn. D'Proffe waren net eppes Bessers oder méi Wäertvolles wéi hier Schüler. Anti-autoritär Erzéiung a Summerhill ass thematiséiert ginn (ech erënnere mech dru, wéi wann et gëschter gewiescht wier – an dir kennt iech jo och vierstellen wéi mäi Papp, Polizist, ob esou Diskussiounen doheem reagéiert huet). All Schüler ass vir voll geholl ginn, a mir sinn net wéi kleng Kanner an der grousser Welt behandelt ginn. D'Proffen hunn einfach zur Schoulcommunautéit gehéiert, grad wéi d'Schüler. Am LTMA war den «Zesummen», den «Mateneen» ëmmer grouss geschriwwen.

Den Engagement vun de Proffe war ob villen Niveauen (ech vergiesse lo hei ganz vill Leit, an ech well mech bei deenen entschëllegen, mee ech wollt just eng kleng Note schreiwen a kee Buch, an ech wollt mech u meng perséinlech Erfarung an Usiichten halen, a mäi Verhalt léisst mech punktuell am Stéch) an ass oft iwwert d'Vermëttlung vu puerem Wëssen erausgaangen:

- D'Proffen an d'Schüler waren an der Friddensbeweegung engagéiert an esou hu reegelméisseg Proffen a Schüler un Ouschtermärsch deelgeholl.
- Ëmweltschutz an Anti-Atombeweegung: verschiddener vun de Péitenger Proffe ware Matbegrënner vu GAP a GLEI, wat duerno déi Gréng gi sinn, an esou ass d'Thematik vum Schutz vun der Ëmwelt an dem Iwwerkonsum, schonns an den 80er Joren, thematiséiert ginn.
- Et ass iwwert d'Aarmut an der Welt (mat all hire Paradoxen) geschwat ginn. Et hat mech perséinlech immens beréiert, wéi d'Danny Gaasch vun enger Rees an Indie geschwat huet wou d'Kanner mol keng Bläistëfter hate fir kennen ze schreiwen.
- Gläichberechtegung vu Fraen a Männer: a kaum enger Schoul ass et en "Fraegrupp" ginn. Do ass erkläert ginn, wéi et zur Suprématie vum Patriarchat komm ass, dass et a verschiddenen Kulture ganz anescht ass, dass d'Fraen sech wiere kennen, dass d'Fraen zesummen hale sollen an dass hier Roll sech net ob déi klassesch 3 K reduzéiert. Esou war et och net verwonnerlech dass de Fraegrupp (ënnerstëtzt vun enger ganzer Rei Männer) ob de Maniffen zum Fraendag mat Banderollen deelgeholl huet. Ob kenger Plaz wéi an dem Fraegrupp si mir Fraen ënnerstëtzt ginn, eise Wee ze sichen an ze goen, an eis finanziell a moralesch Onofhängegkeet ze erkämpfen. Esou ass warscheinlech d'Danny Gaasch déi Persoun déi mech am meeschte gepräägt huet an dem ech ganz vill ze verdanken hunn.
- Kultur war och ëmmer ganz present. Esou hat ech déi grouss Chance de Jhemp Hoscheit als Franséischproff ze hunn, an deen een oder aneren Extrait vu sengem Cabaret (den hien deemools zesumme mam Jemp

Schuster, de jo och zu Péiteng an der Schoul war) en Avant-Première virgedroen ze kréien.



Danielle Kolbach mam Danny Gaasch of der Fraemanif 1986

- Preparatiounen zur Mathésolympiade vum Guy Kass, dee vill méi Witz hat wéi en dat esou ob den éischte Bléck menge konnt. Nom Danny war hien den, dee mir den 2. beschte Rot ginn huet, wéi hie mir gesot huet: „Danielle, maach Mathé, domadder kann een duerno alles maachen.“ Hien hat ganz Recht a wann ech bei mengen Akte setzen an d’Zuele jäizen, well se falsch sinn, dann denken ech un hien.
- D’Schwëster Kohl déi an hirem Jugendkeller d’Gittar ausgepaakt huet, well si eis am „Mineralkunde“ Optioun-Cours wollt hier Stengsammlung weisen. Si huet eis all gewisen, dass och eng Schwëster kéint modern an net verstëbst sinn.
- De Goupe d’Actions, deen ob alle Fronte gekämpft huet. Kloer war de Groupe staark politiséiert an huet och en „deckt Déier“ am OGBL ervirbruecht, mee awer wossten si ëmmer de Fanger an oppe Wonnen ze leeën. De Kampf géint de Kapitalismus an den Establishment sinn ëmmer héich gehale ginn.
- D’Sportsproffen, déi de Sport pour tous, Joren éier en ob breeder Basis agefouert ginn ass, an hirer Schoul praktizéiert hunn. Si hunn et fäerdeg bruecht dass (bal) eng ganz Schoul eng ganz Stonn laang gelaf ass. Chapeau!
- De Potache, d’Schülerzeitung, wou déi verschidde Gruppen iwwert hier Aktivitéite konnte berichten a wou déi Schüler, déi eng méi poetesch Séil haten, hier Gedichter oder Erzielunge konnte mat engem méi breede Publikum deelen.

Déi ganz parascolaire Aktivitéite waren nëmme méiglech, well d’Proffen net ob hier Auer gekuckt hunn, a well d’Schüler sech gutt bei hinne gespiert hunn. Den LTMA war anescht wéi déi aner Schoulen. D’Proffen hunn hier Missioun ze léiere ganz large gesinn an hu vill méi gemaach wéi dat ob anere Plazen de Fall war.

Meng Bouwen hu mir gesot dass ech géif strale wärend ech des puer Sätz schreiwen. Dat ass, well ech mat Freed an Nostalgie un déi Zäit zréckdenken an houfreg sinn, an esou enger aussergewéinlecher Schoul gewiescht ze sinn. Meng Bouwen hu mir och gesot, dass ee besser léiert wann et flott ass an der Schoul, wann ee cool Kolleegen huet a wann dat, wat ee léiert flott ass.

An da wiere mir och bei dem, wat der Schoul hier primär Missioun ass: Wësse vermëttelen. Och do war den LTMA ganz gutt dran. Do ass Wësse manner steril vermëttelt ginn, wéi ob anere Plazen. Anscheinend verhält ee sterilt Wësse manner wéi e Mount. Ech erënnere mech u ganz vill Schoulstonne wéi wann et gëschter gewiescht wier (sief dat Geschicht beim Aly Bernard, sief dat Geo beim Carlo Bauer; Bio beim Marianne Hild, Sport beim Jean-Paul Betz oder dem Hubert Eschette, Franséisch beim Jeannot Scheer oder Jemp Hoscheit, Englesch bei Janine Dondlinger, Mathé beim Guy Kass oder dem Denise Klapp - déi déi mech kennen, gesinn dass ech eng Impasse ob d‘Latäin maachen - well dat war fir mech d'Ausnam déi d'Reegel bestätegt huet – en Albdram).

Meng Däitschproff hat Bicher mat eis am Cours gelies, déi duerno ob den englesche Premièresprogramm komm sinn. Well ech ganz iwwerzeegt war, dass meng Däitschproff eng gutt Aarbecht ob 5e mat eis gemaach hat, hunn ech déi 2 Bicher dunn net ob Première gelies an hunn decidéiert vu mengen Erënnerungen ze liewen. Ech sollt Recht behalen, an hunn eng anstänneg Note am Premièresexame kruet. Ech géif awer haut jidderengem dovunner ofroden, well ech hunn nawell gutt geschweesst wéi ech d’Zitater hu misse situéieren. Wat weist eis dat? Verschidden Thematike kënnen och schonns vill méi fréi mat de Schüler behandelt gi, a warscheinlech huet d’Thematik eis méi ob 5e ugesprach huet wéi ob 1ère.

Esou war et fir mech och net verwonnerlech, dass mäi Régent am Lycée an der Staat um Geeseknäppchen zu mir an der éischter Schoulstonn gesot huet: „Ah, vous venez de l’Université de Pétange“. Mat deem Saz an där Attitude hat hien et sech bei mir fir ëmmer verduerwen. Mee wou e Recht hat, hat e Recht – zu Péiteng war

d’Schoul ebe richteg gutt. Eng Universitéit am Verglach zu deene Platze, wou ech no Péiteng gelant sinn (och wann ech mech duerch d’Mady Delvaux erëm mam Latäin verdroen hunn, an ech och eng flott Zäit an der Staat hat, a wou ech och ganz memorabel Schoulstonnen hat).

Ech bleiwen awer verwente Verfechter vun der Vermëttlung vun engem Basiswëssen a Saache Grammaire, Orthographie a Mathematik, Geschicht, Geo a Bio grad esou wéi den Ëmgang mat neien Technologië laanscht déi een net kennt. Do fänkt eis Schoul awer un e bësschen ze versoen. Als Patron gesinn ech ëmmer méi Jonker, déi net gutt mat Word, Excel oder Outlook eens ginn, déi kee Broch méi rechne kennen, oder wou esou vill grammatikalesch Feeler am Geschriwwenen stinn, dass de Sënn ännert, an ech net versti wat se soen oder schreiwe wollten. De Spellchecker ass do fir benotzt ze ginn. Iwwerliesen, oder iwwerliese loossen ass net verbueden.

D’Schoul däerf sech net mam Minimum zefridde ginn, d’Schoul soll ambitiéis sinn. Se muss kucke wat um Aarbechtsmarché gefrot gëtt. Se muss weider vermëttelen, dass et drëms geet, keng Feeler ze maachen, dass een sech muss druginn, dass ee schaffe muss. Dass een sech ëmmer nees soll a Fro stellen. Dass een ëmmer erëm muss eppes derbäiléieren. Schoul soll eng bestëmmten Exzellenz fërderen. Firwat soll een net nëmme kompenséiere kënnen, wann en an 2 Fächer eng 50 huet, aplaz d’Mëttelméissegkeet ze fërderen. Ech soen net, dass jiddereen an Allem muss oder soll gutt sinn, et soll een awer weisen dass een eppes richteg gutt kann, wann een sech ustrengt.

D’Schoul muss sech awer och den Erausfuerderunge vun der Welt stellen. Ech hunn ob 5e „Die verlorene Ehre der Katharina Blum“ vum Heinrich Böll gelies. Et geet em d’Boulevardpress, Ruffmord, em d’kritesch Hannerfroe vun deem wat an der Press steet. Haut, an enger Zäit wou e ganz einfach, ganz vill Informatiounen um Internet fanne kann, mee och enger Zäit vun der Feelinformatioun, den „Fake News“ a vun der artifizieller Intelligenz. Firwat verpasst d’Schoul den Internet méi mat an d’Wëssensvermëttlung anzebezéien? Muss een net d’Schüler léiere, wat eng fiabel a wat eng net fiabel Source ass? Dass een d’Informatioun ëmmer soll hannerfroen? Dat Wësse muss vermëttelt ginn. Einfach esou wäerten déi Wéinegst dat kennen.

Mir mussen d’Schoul och eise sozio-kulturelle Verännerungen upassen. Ass et net utopesch ginn, francophonne Schüler onbedéngt wëllen Däitsch bäizebréngen, wann déi däitsch Sprooch ëmmer méi aus dem Beruffsliewe verschwënnt? Ass et net utopesch ze verlaangen dass eng Minoritéit eng Majoritéit integréiert? Äntwerten déi viru 50 Joer richteg waren, sinn haut falsch.

Muss d’Schoul net méi interessant gemaach ginn? Ech schwätzen hei net vu bëlleger Belustigung, mee vun der Vermëttlung vu Matière, déi sech der Aktualitéit upasst. Meng Bouwen (12 a 14 Joer) stelle mir ganz oft Froen, zu Konflikter an der Welt, zu Politik. Ech si meeschtens an der Lag hinnen de Kontext ze erklären. Ech weess awer net ob all Eltere Loscht oder Zäit hunn dat ze maachen, oder ob se selwer d'Wëssen hu wat néideg ass.

Am Sproochenunterrecht kann een iwwert Diktaturen an Demokratie, iwwert Ideologien a Relioune schwätzen, et kann een och mol de politesche Werdegang erkläre vu Walen, vun Europa. An der Geographie kann ee vläit de geopolitesche Kontext vun den aktuelle Konflikter beliichten, et kann een och weise wéi d’Welt duerch säi Konsumverhalen d’Ëmwelt futti gemaach huet a wéi en Impakt dat ob den Amazonas huet. An der Geschicht kann ee vläit erkläre wéi Palestina 1900, 1950 wor an haut ass. Wéi et zu dem Konflikt komm ass. De Geschichtscours soll engem och weisen, dass d’Mënschheet net onbedéngt aus hire Feeler geléiert huet, mee och dass et net ëmmer schwaarz a wäiss ass, an dass et gudde Wëlle vun alle Säite brauch e Konflikt ze léisen.

Den Ëmgang mat anere Meenungen, anere Vuë gëtt och net ëmmer genuch oder richteg an der Schoul vermëttelt, well soss hätte mir méi Enseignanten déi géifen ob legitim Froen oder Ängschte vun hire Schüler agoen, an net nëmmen hire Cours, den se säit 20 Joer hale wéi eng Gebietsmillen widderhuelen. An enger Gesellschaft, wou ëmmer méi Leit e verschiddenen sozio-kulturellen Hannergrond hunn, ass d’Erzéiung zur Toleranz méi wichteg da jee. Vill Eltere musse schaffe fir kennen iwwert d’Ronnen ze kommen, an duerfir muss d’Schoul do en Deel vun der traditioneller Erzéiung aus der Famill mat iwwerhuelen. D’Schoul muss mam gudde Beispill virgoen. D’Schoul muss awer och d’Eltere responsabiliséieren, an et ass net well d’Schoul eng gewësse Missioun ze erfëllen huet, dass d’Elteren duerfir näischt méi

brauchen ze maache. D'Schoul misst eng Zort Kontrakt mat den Eltere maachen, wou ganz kloer den Elteren hier Roll an der Erzéiung definéiert gëtt.

D'Schoul muss d'Plaz sinn, wou e Schüler sech sécher spiert, wou physesch, moralesch a strukturell Gewalt keng Plaz fënnt. Dat ass leider net ëmmer de Fall. Ausgrenzung, Mobbing, Gewalt, Homophobie, ginn ëmmer méi heefeg a gi leider oft ze spéit erkannt, wann d'Kand schonns am Dreck läit. D'Schoul muss och en Uspriechpartner stelle fir déi Schüler déi Problemer doheem oder an hirem Frëndeskrees hunn. Nëmmen psychesch gesond Schüler kënnen duerno psychesch gesond Erwuessener ginn. D'Schoul muss d'Schüler stäerken, an net briechen, wat leider allze oft geschitt. Fäll vu Suicidë wéinst enger Datz ob 1ère am Konschtunterrecht, briechen engem d'Häerz. Esou Fäll weisen engem dass d'Léiermissioun falsch verstane gëtt.

D'Schoul muss vill méi ob d'Liewe virbereeden. D'Schoul muss léiere wéi een eng Steiererklärung mécht, firwat een sech soll vun engem Professionelle berode loossen, éier ee Kontrakter ënnerschreift, éier een sech bestuet. Et ass jo näischt drun auszesetze wann ee weess wéini den Napoleon gebuer ass, mee et wier och gutt wann déi jonk Leit den Ëmgank mat Geld géife geléiert ginn. D'Liewen ass méi wéi nëmme liesen a schreiwen ze kënnen. D'Schoul ass déi Plaz wou Schüler musse léiere mat engem Echec eenszegin, mee se muss gesinn, dass et erlaabt ass en Echec ze hunn, mee se muss och weisen, dass wann een no sengem Echec net opsteet, dass een dann eréischt richteg verluer huet. Och an der Aarbechtswelt mussen déi meescht Leit engem gewëssenen Drock standhalen. Och den Ëmgang mat Drock (Zäitdrock, Gruppendrock, Hierarchiedrock) muss geléiert ginn. Ech mengen net, dass et hëllefräich ass, deene Jonke virzegaukelen dass d'Liewen einfach a gerecht ass. Gesonden Drock ass gutt. Mais d'Schoul däerf déi Jonk och net erdrécken. Et geet drëms de gesonde Mëttelwee ze fannen. Ech géif mir heiansdo wënschen, dass d'Proffen all misste 5 oder 10 Joer fir e Patron schaffen, selwer Patron wieren, mat Mataarbechter a Clienten am Genéck. Ech mengen, dass dat hiren Horizont géif enorm erweideren a géif hëllefen aner Wäerter ze vermëttelen. D'Schoul muss aus hirem „Vase clos" erauskommen. Schoul ass net eng Finalitéit per se, mee se soll esou no un der Realitéit si wéi dat nëmme méiglech ass.

Et muss net jiddereen ob d'Uni goen, et muss net jiddereen Dokter oder Affekot ginn. Et ass wichteg deene jonke Leit ze hëllefen, dass si hire Wee fannen, dass se gesi wou hier Talenter sinn, wat se gär maachen a wat realistesch fir si méiglech ass. Et gi ganz vill schéi Beruffer, mee oft fannen déi Jonk hire Wee net.

Ech géif mir wënschen, dass eis Schoul géif Kreativitéit méi fërderen. Ech hunn ni, a wäert och ni, de Sënn vun auswenneg léiere gesinn. Ass et net méi wichteg, dass een eng propper Argumentatioun maache kann, dass een „Out of the box" Léisunge ka siche goen. D'Äntwerten zu de Problemer vun der Welt vu muer, fanne mir net all an der Vergaangenheet.

Last but not least, muss d'Schoul och d'Plaz si wou et muss Reegele ginn, wou et eng gesond Disziplin muss ginn, well och den Ëmgang mat Reegelen ass wichteg fir dass aus den Teenager Erwuessener ginn, déi an eiser Gesellschaft hier Plaz fannen. Dat heescht awer net, dass d'Schoul duerfir soll Kopfnicker produzéieren, mee kritesch Leit, déi de Courage hunn och emol géint de Stroum ze schwammen.

Wann ech dat lo misst resuméieren, géif ech soen, dass eng Schoul ëmmer soll d'Ambitioun hunn hier Schüler esou gutt wéi méiglech ob d'Liewen an d'Aarbechtswelt virbereeden, sief dat duerch Vermëttlung vu Wëssen (Sproochen, Mathé, Natur an Humanwëssenschaften), mee awer och duerch d'Vermëttlung vu moralesche Wäerter. D'Schoul soll engem d'Aen an de Kapp fir seng Ëmwelt (Mënsch an Natur) opmaachen. Nëmmen esou kann d'Schoul et fäerdeg bréngen eis Welt besser ze maache, fir d'Allgemengheet, mee och fir all Eenzelnen.

Den LTMA ass, zu menger Zäit, deenen Uspréch gerecht hin. Ech kann och menge Proffe vun deemools net genuch Merci soe fir alles wat si mir mat ob de Wee ginn hunn. Wann ech haut net onbedéngt e bequeemen, oder ganz ugepasste Mënsch sinn, empfannen ech dat net als Feeler. Am Géigendeel. Ech si geléiert ginn, dierfen a sollen e kritesche Geescht ze hunn.



**DANIELLE KOLBACH**
fréier Schülerin vum LTMA
haut Notär
27.2.2024




# Fête de retrouvailles

## D'Schüler vun der 13GE vun 1986/87 treffen sech



„La Promesse“ zu Esch-Uelzecht den 26.1.2024

Op der Foto:
Scheer Marc, Robinet André, Becker Victor, Casuli Jos, Canivé Lucien, Biewer Patrick, Kiwy Marc, Ackermann Jean, Freres Romain, Karges Guy, Klomp Georges, Sehl Norbert,

Et feelen :
Backendorf Jean-Claude, Leners Marcel, Zenner Marc (†)

# Stage de Glisse 2024

janvier - février 2024

D’Schüler a Proffe vum Stage de glisse zu La Plagne.






https://www.facebook.com/photo?fbid=871946838062550&set=pcb.871948678062366

# Tiefe Abgründe

## Wie Social Media das Schlechteste im Menschen hervorbringen



Das Internet ist vieles: ein Hort der Kreativität und des Wissens, ein Treffpunkt für Gleichgesinnte – leider offenbart es aber auch die tiefsten Abgründe der menschlichen Psyche. Es hat die Eigenschaft, oft unauffällige, ruhige Bürger vor dem Schirm zum Pitbull mutieren zu lassen. Gehässige, beleidigende Kommentare werden rausgefeuert – manchmal noch ehe der eigentliche Gedanke überhaupt zu Ende gedacht wurde. Heftige Kritik, ob berechtigt oder nicht, wird an jedem und allem geäußert.

In den vergangenen Jahren, besonders aber seit Ausbruch der Corona-Pandemie, hat sich der Ton im Internet merklich verschärft. Aussagen, die davor kaum denkbar gewesen wären, gehören inzwischen zum Alltag und prägen die Inhalte in den Kommentarspalten der sogenannten sozialen Medien und der Webseiten der Medien. „Aber wartet mal ab wenn wir mit Euch ins Gericht gehen dann braucht ihr Faschistoiden Schergen keine Verstecke oder schnelle Pferde mehr [sic!]“, ist nur einer von zahlreichen Hasskommentaren, die auch an die Journalisten des Tageblatt adressiert werden.

Die im Februar publizierte deutsche Studie „Lauter Hass – leiser Rückzug“ legt die Ausmaße dieser beunruhigenden Entwicklung offen: 57 Prozent der Befragten bekennen sich aus Angst im Netz immer seltener zur eigenen politischen Meinung.

Die Meinungsfreiheit ist eine wichtige Errungenschaft, die wir unbedingt weiter verteidigen müssen. Umso schlimmer ist es, dass viele den Begriff oft als Blankoscheck zur Verbreitung von radikalem Gedankengut verstehen. Geht man dagegen vor, fallen Kampfbegriffe wie „Zensur“ oder „Diktatur der Regierung und der Massenmedien“. Ohne zu zögern wird ein Angriff auf die Meinungsfreiheit deklariert.

Dass das Recht auf Meinungsfreiheit an mehrere Bedingungen geknüpft ist, wird jedoch gerne außen vor gelassen. Das Recht ist nur im Rahmen anderer Menschenrechte geschützt und stößt von daher an seine Grenzen, sobald die Ehre anderer Menschen verletzt wird oder wenn zur Verletzung ihrer körperlichen Integrität oder Freiheit aufgerufen wird. Auch Rassismus, Gewaltverherrlichung und Morddrohungen werden nicht von dem Recht gedeckt.

Viele Kommentatoren glauben, als Einzige unter Tausenden Unwissenden die Wahrheit gepachtet zu haben und nicht „vom bösen Mainstream indoktriniert“ worden zu sein. Dieses Problem wird durch die Algorithmen von Social-Media-Plattformen weiter verschärft: Sie funktionieren als Katalysator, sodass Menschen, die in eine bestimmte „Bubble“ geraten, immer tiefer hineingesogen werden. Schnell entsteht der Eindruck einer großen Gemeinschaft von Gleichgesinnten, die sich gegenseitig befeuern. Der Inhalt dieser „Bubbles“ wird jedoch oft von anderen Akteuren mit handfesten politischen Interessen mitbestimmt. Da muss man sich schon eine Menge Hundebaby-Videos und „Fail Compilations“ anschauen, um dem Sumpf des Extremismus zu entkommen.

Genau aus diesem Grund ist ein bewusster Umgang mit Medien heutzutage so wichtig. Die Bedeutung einer angemessenen Medienerziehung kann nicht hoch genug eingeschätzt werden – nicht nur für die jüngsten Mitglieder unserer Gesellschaft, sondern für alle. Die kritische Auseinandersetzung mit digitalen Inhalten ist zum Schutz vor Desinformation und Betrug unverzichtbar geworden. Extremistisches Gedankengut, Scams und Falschmeldungen müssen gleich angegangen und ihrem rechtmäßigen Platz zugeführt werden – der Mülltonne.

Ist die verhängnisvolle Entzweiung der Gesellschaft noch reversibel? Der bereits angerichtete Schaden ist immens.

**RAFFAEL WILMES**
(EDITORIAL TAGEBLATT, 15.2.2024)



# Darüber lachen LehrerInnen (5)

**Schlagfertigkeit** ist das, was einem auf dem **Heimweg** einfällt.

**Lehrer**: „Und, was hast du aus dem letzten **Schuljahr** mitgenommen?“
**Schüler**: „4 **Bücher**, 2 Textmarker und ein Stück **Kreide**.“

Ich **streite** nie. Ich versuche nur zu **erklären**, warum ich **recht** habe.

„Wie **schützt** du dich vor der **Sonne**?“ – „Ich gehe arbeiten.“

**Lehrerin**: „Habt ihr noch **Fragen**? Und denkt daran, es gibt keine dummen Fragen.“ –
**Schüler**: „Schwitzen **Kühe** unter den schwarzen **Flecken** eigentlich mehr als unter den weißen **Flecken**?“

„**Sterb!**“ –
„Der Imperativ von ‚sterben‘ wird mit i gebildet.“ –
„**Sterbi**?“

Ihr glaubt, ihr habt Probleme?

Habe **gerade** einen **Schüler beobachtet**, der ein **leeres Blatt kopiert** hat, damit er einen **Schmierzettel** hat.

Jeden Morgen **nach** dem **Aufwachen** strecke ich mich und erstelle eine **Liste** mit Dingen, die ich **am Tag erreichen** … nein, **Spaß**!

**Wenn** mir **langweilig** ist, stelle ich meinen **Schreibtisch in** den **Fahrstuhl** und **frage** alle **Leute,** die reinkommen, **ob** sie einen **Termin haben.**


**Mein Chef sagt dauernd:** „Da rennst du bei mir offene Ohren ein!" oder „Wo brennt der Schuh?".

Aber bei Redewendungen macht mir keiner was vor. Da bin **ich** eine richtige **Konifere**.

„Na, wie läuft deine **Diät?**“ –
„Joa, geht so.“ –
„Stück **Kuchen?**“ –
„**Ja**, bitte.“

**Schreibfehler** sind die **Special Effects** meiner **Tastatur.**

https://www.facebook.com/sofatutor.lehrermagazin



# Mieux vaut en rire (2)

## Enseignes enseignantes … (4)



















https://www.facebook.com/groups/198007396925112

# Veni, vidi, Popovici!

(Le Quotidien, 29.1.2024, à propos de deux nouveaux records en nage libre du Roumain David Popovici)

# Seul ensemble

(Lux. Wort, 1.2.2024, à propos du paradoxe de l'isolement et de l'accessibilité créés par les réseaux sociaux)

# À l'amour, à la mort

(Le Quotidien, 2.2.2024, à propos du livre « Le Murmure » de Christian Bobin)

# Verbieten erlaubt

(Tageblatt, 3.2.2024, über das Für und Wider eines Verbots der AfD)

# Queer durch die Sammlung

(Land, 9.2.2024, über das Projekt « *Queer Possibilities - Queering the Museum* » in der Villa Vauban)

# Sus aux SUV

(Land, 9.2.2024, à propos de la place prise par les SUV et la protection du climat)

# Une grâce présidentielle impardonnable

(Le Quotidien, 12.2.2024, à propos de la démission de la présidente hongroise Katalin Novak)

# THILL, LA TUILE

(Le Quotidien, 15.2.2024, à propos de l'indisponibilité de Vincent Thill suite à une grave blessure au genou)




**« Drôles de titres », collectés depuis 2002**



# Paper Cut-outs transform famous landmarks (10)














https://digitalsynopsis.com/design/famous-landmarks-photos-paper-cut-outs/



# Illusions optiques (2)

Avec de simples objets du quotidien, l’artiste Dudi Ben Simon crée d'amusantes illusions optiques. On ne sait plus où donner de la tête.





















https://creapills.com/dudi-ben-simon-illusions-creatives-objets-20240119?fbclid=IwAR3QHT4aH0xfAlPJOWYZQrB8TofA0D5zfCL28cg7LPmwm-_chZMBCoaasik

# Pub ... pour l'Aalthema spécial N°2

mars 2024

# AALTheMA 2

Edition Spéciale

BULLETIN D'INFORMATION DU COMITE DE L'ASSOCIATION DES ANCIEN(NE)S ET AMI(E)S DU LTMA a.s.b.l

## Rétrospective
## sur nos actions et activités
## entre 2013 et 2024




Ce 2e numéro spécial de notre bulletin *Aalthema*
sera publié après l'AG du 1er mars 2024 et paraîtra en temps utile

# Les profs (vus par Pica & Erroc)

